DE SANDKÄR

N°1/2019
Offréiert vun ärer

AR
Amicale Routscheed

INHALTSVERZEICHNIS

Begréissungswuert vum Här Patrick Reding 1

Är Uspriechpartner am CIPA Gréngewald 2

En groussen Wëllkomm un ons nei Bewunner 4

Mir stellen ons vir (Matarbechter) 6

An Gedanken un ons léiw Verstuewen 8

Grouss Evénementer am CIPA Gréngewald. 10

Das blaue A der Akzeptanz 42

E groussen MERCI 50

Relais pour la vie 51

Een klengen Abléck an d'Liewen am Cipa iwwert déi kaal Joerszäit. 52

Collecte alimentaire 53

Nei Matarbechter am CIPA Gréngewald 54

sodexo
SERVICES DE QUALITÉ DE VIE

Léif Bewunner, Léif Mataarbechter,
Léif Familljen, Léif Bénévolen,
Léif Membren vum Heemrot an der Amicale Routscheed,

Mat Ouschteren hannert ons, kënnen mir ons elo richteg op den Summer konzentréieren. Et ass schéin nees Blummen ronderëm d'Haus ze gesinn an vill Grengs an de Wisen. Ons Terrasse ass nees prett an elo feelt nach just dat gutt Wieder.

Virum Summer starten mir nach 3 flott Projeten:

Um B0 gëtt den Séjour ganz nei gemaach, mat Holz Verkleedung gëtt en zou gemaach a mat enger neier Kichen, neien Luuchten an flottem Material wäert dësen Raum ab Juli deenen Bewunner zur Verfügung stoen, déi méi Hëllef am Alldag brauchen. Aktivitéiten an eng permanent Betreiung wäerten hei statt fannen.

Um B1 gëtt onsen Sonnegärtchen nei amenagéiert , eng nei Kichen, nei Miwwel, ee flotten Fersehschaaf, alles esou dat mir ons kënnen den Besoine vun onsen Bewunner, déi do encadréiert ginn, upassen.

Um B2 gëtt ons Bakstuff nei gestallt, esou datt all Bewunner mat Rollstull oder ouni, un all deenen flotten Aktivitéiten matmaachen kënnen. Eng Kachinsel mat enger zentraler Hotte suergt dofir, dass 6 Léit kënnen zesummen baken, kachen oder flott Menuër kreéieren. Och hei gëtt d'Kichen ersat mat modernen an adaptéierten Apparater.

Mir wäerten och de Bilan zéien, op onst Fréijoersfest e Succès war an op mir dësen alljäerlechen Event sollen an onsen Kalenner ophuelen.
Mat dem Familljefest vum Syndikat d'Initiative, de 26. Mee, der Hueschterter Kiermes vum 30. Mee bis den 2. Juni an dem Nationalfeierdag bei der Gemeng, stinn nach vill flott Fester an der Gemeng virun onser Dier, un deenen mir wäerten deelhuelen. Mir freeën ons op eng grouss Participatioun.

An zu gudder Lescht hätten mir nach en klengen Opruff an eegener Saach:
Wann dir an Zukunft Loscht hutt, och ären klengen Beitrag zum Sandkär ze liwweren, mellt iech roueg an der Receptioun, mir géifen eis immens doriwwer freeën.

Mat schéine Gréiss,

Patrick REDING
Direkteur

DE SANDKÄR

ÄR USPRIECHPARTNER AM CIPA GRÉNGEWALD

• Direction

Patrick REDING
Directeur

Isabella COLAMONACO
Directrice des Soins
Tél.: 34 72 70 1

Nico DE BORGER
Responsable des Services Hôteliers

• Département soins

Claudia KOCH
Responsable d'Unité de Vie B0
Tél.: 34 72 70 1000

Marco BOURGEOIS
Responsable d'Unité de Vie B1
Tél.: 34 72 70 1100

Frank LIEWERCHEN
Responsable d'Unité de Vie Rousegärtchen
Tél.: 34 72 70 1900

Regina HILZENDEGIN
Responsable d'Unité de Vie B1
Tél: 34 72 70 1200

Diane FRIEDERICI
Responsable du Service Soutien
Tél.: 34 72 70 1300

• Département Hôtellerie

Joel WAGENER-LELLIG
Chef de Cuisine
Tél.: 34 72 70 5100

Maria DOS SANTOS
Responsable du Service Entretien
Tél.: 34 72 70 1410

Gregory DE MARCO
Maître d'Hôtel
Tél.: 34 72 70 1450

Johnny LOPES
Responsable du Service Technique
Tél.: 34 72 70 1400

• Administration

Pascale KONSBRÜCK
Chargée de Qualité
Tél.: 34 72 70 9191

Sabrina STEFANETTI
Responsable Service Social
Tél: 34 72 70 1550

Manon WEBER
Assistante de Direction
Tél.: 34 72 70 9098

DE SANDKÄR

EN GROUSSEN WËLLKOMM

November 2018

Mme Marie-Josette ANDRÉ-MARTIN
Den 30. November 2018 an den Studio 175

Dezember 2018

Mme Yvette WEBER-KONZ
Den 11. Dezember 2018 an den Studio 119

Mme Marcelle KIEFFER-BOFFERDING
Den 7. Dezember 2018 an den Studio 171

Mme Rosalie GODART-RIES
Den 7. Dezember 2018 an den Studio 062

UN ONS NEI BEWUNNER

Januar 2019

Mme Anne HOFFMANN-FOHMANN
Den 11. Januar 2019 an den Studio 005

Mme Anne BACK PIER
Den 30. Januar 2019 an den Studio 011

März 2019

Mme Irène WILWERT Biot
Den 19. März an den Studio 026

Abrëll 2019

Mme Madeleine FRISING-TOUSSAINT
Den 10. Abrëll an den Studio 260

MIR STELLEN ONS VIR

MEIER David

Ergotherapeut

Mäin Numm ass David Meier. Ech sinn 40 Joer al, net bestuet an een vun zwee Ergotherapeuten hei am Cipa Gréngewald. Meng dräijäreg Ausbildung hunn ech vun 2005 bis 2008 am Euro-Medizinal-College zu Tréier absolvéiert. No der Ausbildung hunn ech en zweejäregen Stage d'Adaptatioun an der deemoleger Cipa Residence du Parc zu Dikrech gemaach.

Duerno hunn ech an der Clinique fir geriatresch Rehabilitatioun St. Irminen zu Tréier geschafft an den 16. Abrëll 2012 hunn ech dunn d'Platz vun menger Virgängerin hei am Cipa Gréngewald iwwerholl.
Vill Bewunner an hir Familljen kënnen sech vir d'éischt net virstellen wat Ergotherapie iwwerhaapt ass. No enger Definitioun ass d'Ziel vun der Ergotherapie individuell Handlungskompetenzen am Alldag ze entwéckelen, erëm ze kréien an/ oder ze erhalen. An eisem Cipa traitéieren mir Bewunner mat neurologeschen Erkrankungen, mat Häerzkreeslafkrankheeten, no diversen Operatiounen, mat psycheschen Erkrankungen,… woubäi och d'Prophylaxe vun altersbedéngten Problemer wéi z.B. Stierz och zou eiser Aarbecht gehéiert.
An der Ergotherapie stinn eis Bewunner getrei no eisem Leitbild am Mëttelpunkt. Ausgewielten Aktivitéiten an Handlungen mat ënnerschiddlech komplexen Ufuerderungen sollen hinnen beim Erëmkréien, Verbesseren oder explizit beim Erhalen vun hiren Kompetenzen hëllefen.
Dozou zielt d'Handwierk ewéi z.B. d'Wiewen, d'Kuerfflechten, reegelméissegt Antisturz-Training, d'Schaffen mat Plastilinn fir d'Kraaft an d'Geschécklechkeet an den Hänn ze verbesseren, déi aktiv Mobiliséierung vun den ieweschten an ënneschten Extremitéiten mëttels funktionellen Spiller an den Training um Ergometer, d'Lymphdrainage vun Aarm an Hand, den kognitiven Training mëttels Computer an Villes méi.
Zou eiser Arabescht gehéiert awer och d'Schreiwen vun ergotherapeuteschen Berichter an d'Duerchféierung vun diversen Tester fir d'Evaluatiounen an d'Reevaluatiounen.
Zanter Sodexo als Prestataire dëst Altersheem am Januar 2013 iwwerholl huet, huet sech mäin Engagement fir d'Entreprise och ausserhalb vun der Aarbechtszäiten ausgedeent.
Emol am Joer ass et fir mech eng grouss Freed, den Logo an d'Fuerwen vun eiser Entreprise mat Stolz beim groussen ING-Marathon ze droen.

DE MARCO Grégory

Maître d'Hôtel

Bonjour,
Je m'appelle Grégory De Marco, j'ai 36 ans et j'ai commencé à travailler dans la restauration a l'âge de 16 ans par un apprentissage en alternance. J'ai débuté au restaurant « LES ALERIONS » avec M. Fréderic Scheid qui m'a appris mon métier ainsi que les valeurs du travail, il me donna aussi la chance de devenir responsable de son restaurant à l'âge de 20 ans.

Après six années passées à ses côtés, il a été temps pour moi de faire de nouvelles expériences. Etant passionné par l'œnologie, j'ai travaillé au "VIN DU MONDE" a Yutz pendant quatre ans avec M. Christophe Menon qui m'a enseigné sa passion du vin.

Ensuite mon parcours m'a mené au "CAFE DE PARIS" à Mondorf-les-Bains où j'ai débuté comme responsable de restaurant pour y travailler cinq ans. C'est là que j'ai commencé à apprendre à connaitre les traditions luxembourgeoises.
Mon parcours a continué chez "TRAITEUR KAEMPFF KOHLER" à Niederanven où j'ai été responsable restaurant boutique pendant cinq ans. Mon expérience à leurs côtés fut très enrichissante, j'y ai appris à organiser des réceptions pour un nombre important de personnes ainsi qu'à gérer de grands évènements.

Depuis un an je travaille pour Sodexo au CIPA GRENGEWALD où j'ai repris depuis peu la fonction de Maître d'Hôtel. Le CIPA m'apporte énormément de satisfaction, tant par la qualité de travail mais aussi par la relation enrichissante aux côtés de nos résidents qui m'apportent beaucoup.
Toute l'équipe du Cipa Gréngewald, que ce soit la restauration, la cuisine, l'administration ou les soins travaille main dans la main et cette mentalité me plait.

Je suis heureux de pouvoir avec mon équipe organiser les fêtes et réceptions pour nos résidents en espérant les satisfaire le mieux possible et pour longtemps.

De Marco Gregory

AN GEDANKEN UN ONS LEIW VERSTUEWEN

November 2018 – März 2019

November 2018

Mme Marie SCHWEICH-DICKEN
15/08/1934 – 21/11/2018



M. Johan NIJENHUIS
13/09/1934 – 24/11/2018

M. Jean-Pierre ONIDI
13/04/1942 – 25/11/2018



Mme Marie DRUCKER
02/02/1927 – 26/11/2018

Dezember 2018

Mme Simone SCHMITT-KEYL
26/01/1925 – 21/12/2018

Januar 2019

Mme Alice BALIEU-WEIBEL
21/11/1928 – 04/01/2019

März 2019

M. Pierre RACH
12/04/1936 - 05/03/2019



Mme Elvire KESSELER NAEGELEN
03/05/1917 – 26/03/2019

Abrëll 2019

M. Victor JAEGER
23/05/1927 - 22/04/2019

Mme Edith COLLING-REINESCH
13/07/1931 – 26/04/2019

Mme Yvonne HEIDERSCHEID-KUHN
04/03/1926 - 29/04/2019

E PUER FLOTT MOMENTER AM ALLDAG VUM CIPA

Knippercher selwer maachen

Chrëschtlidder mat den Kanner aus der Museksschoul

Zaubershow mam Pascal Clement

Concert vum Männerchouer Wasserbëlleg

Sportspiller mat onsen Bewunner

VISITE VUN DER EXPOGAST

27. November 2018

THEMENOWEND LËTZEBUERGER OWEND

21. November 2018

ADVENTSBAZAR

01. Dezember 2018

UNICEF Luxembourg
14. März um 09:31 ·
D'Madeleine an d'Sophie hunn 200 € gespent. 👏 D'Suen hu si mat Bastelaarbechte gesammelt, déi si um Chrëschtmaart vum CIPA zu Nidderaanwen verkaaft hunn. Gëschter koumen si bei eis am #UNICEFHaus 🏠 laanscht fir ze gesi wéi hir Spende benotzt ginn. Mir hunn eis gefreet iwwert déi léif Visitt. 😄
unicef
STYLIST

KLEESCHEN

06. Dezember 2018

SORTIE CHRËSCHTMAART

11. Dezember 2018

CHRËSCHTFÉIER MAT DEN FAMILLJEN

15. Dezember 2018

FÊTE DU GRAND-ÂGE

19. Dezember 2018

THÉ DANSANT

31. Dezember 2018

DRÄIKINNEGSDAG

06. Januar 2019

POT DU NOUVEL AN

10. Januar 2019

THEATER AM LOISI

13. Januar 2019

SCHWÄIZER OWEND

13. Februar 2019



DAS BLAUE A DER AKZEPTANZ

Was bedeutet dieses blaue *A*, und wofür steht es ?

Viele dementiell erkrankte Personen und ihre Angehörigen fühlen sich von der Allgemeinheit ausgegrenzt. Aus Angst vor den Reaktionen verschweigt gar ein Viertel aller Demenzkranken die Diagnose. „Demenz ist in unserer Gesellschaft immer noch mit einem Stigma verbunden." Diese Aktion soll daran etwas ändern und *Akzeptanz* für die Krankheit schaffen.

Vor einigen Jahren interviewte die Deutsche Alzheimer Gesellschaft e. V. zehn Menschen mit beginnender Demenz. Es wurde über Wünsche und Bedürfnisse, aber auch Ängste und Sorgen gesprochen. Und die Befragten äußerten sich auch zu ihren Erfahrungen und Wünschen in Bezug auf die Bekanntheit und die *Akzeptanz* der Erkrankung in der Öffentlichkeit. *Die interviewten Menschen mit Demenz wünschen sich mehr Verständnis für Ihre Erkrankung in der Öffentlichkeit und im unmittelbaren Umfeld.* Die Betroffenen fühlen sich teilweise unverstanden, stigmatisiert, werden bemitleidet oder sogar beschimpft.
Für Menschen mit Demenz und ihre Angehörigen ist ein verständnisvolles Umfeld wichtig. Es hilft, mit der schwierigen Situation besser umzugehen. Verständnis setzt Wissen über die Krankheit und die Sorgen der Erkrankten und ihrer Angehörigen voraus. Doch Demenz ist noch immer ein mit Angst und Vorurteilen behaftetes Thema, über das wir zu wenig sprechen.

Mit dieser Initiative möchten wir, die Mitarbeiter des CIPA Grengewald möglichst viele Menschen gewinnen, um ..

- Sie zu informieren
- Die Akzeptanz der Krankheit als ersten Schritt für alle Hilfen zu vermitteln
- Den Betroffenen eine eigene Stimme zu geben
- Einfühlsam die Lebenssituation auch familiensystemisch zu begreifen und zu stützen
- Verantwortung zu übernehmen
- sie für Möglichkeiten der Hilfe und Begleitung zu sensibilisieren
- sich für ein verständnisvolleres Miteinander einzusetzen

Es ist uns als Mitarbeiter des CIPA Grengewald ein Anliegen, die Akzeptanz in der Bevölkerung für Menschen mit Demenz und den damit verbundenen Lebensäußerungen zu erhöhen.

FUESBAL AM CIPA GRÉNGEWALD

04. März 2019

GEBUERTSDAGSIESSEN VUN DEN BEWUNNER

E groussen MERCI

Am Januar 2019 huet d'Direktioun vum CIPA Gréngewald eis Amicale Routscheed, d'Membres vun der Chorale an och eis Benevolles op en flott Mëttegiessen invitéiert, fir hinnen fir hir Ënnerstëtzung am laf vum ganzen Joer Merci ze soen.
Am Kader vun dësem Iessen ass dunn och eis néi « Salle de remise en forme » um B1 mat deenen flotten Vëlo'en an der grousser Tablette ageweit ginn, vun deenen eis Bewunner immens profitéieren kennen.
Un dësem Projet, den insgesamt € 27.000,- kascht huet, huet eis Amicale Routscheed sech mat € 12.000,- bedeelegt – och heifir e groussen Merci !

RELAIS POUR LA VIE

Dëst Joer huet den CIPA Gréngewald déi éischte Kéier beim Relais pour la Vie matgemaach. Mir haten eng Equipe vun 20 Mataarbechter an hoffen, d'nächst Joer kennen mat zwou Equippen matzemaachen. Mat der Hëllefsbereetschaft vun eisen Bewunner, hieren Bekannten an Familljen an eisen Mataarbechter konnten mir insgesamt € 1.335,- un d'Fondation Cancer spenden, wourop mir ganz houfreg sinn.

EEN KLENGEN ABLÉCK AN D'LIEWEN AM CIPA IWWERT DÉI KAL JOERZÄIT

geschriwen vum Här Henri Meyers

Ween gemengt huet dass am CIPA iwwert déi kal Joreszäit een Wanterschlof gehalen gëtt, deen huet sech getäuscht.

Och iwwer déi kal Méint goufen flott an lëschteg Aktivitéiten organiséiert. Nom traditionellen Generatiounsfest am September ass et am Oktober monter weider gaangen.
Een super flott Oktoberfest gouf den 17. Oktober organiséiert. Mat bayreschen Spezialitéiten an gudder Stëmmung hunn mir een schéine Owend verbruecht.
Am November stoung dunn een Lëtzebuerger Owend um Programm. Wei ëmmer huet den Kach an den Kichepersonal dofir gesuergt dass mir net hongereg vum Dësch ginn.

Fir eis op déi schéinsten Zäit am Joer ze preparéieren ass den 1. Dezember een Adventsbazar organiséiert ginn, mat flotten zum Deel selwer gebastelten Chrëschtdekoratiounen.
Eng Sortie op den Chrëschtmaart dierft natierlech och net feelen.

Fir déi schéin Feierdeeg sinn mir natierlech och gutt verwinnt ginn. Dofir mol hei op der Platz een groussen Merci un den Kach an séin Personal déi eis all Dag een gudden Menü opdëschen.

Natierlech sinn iwwert d'Wanterméint Aarbechten am Haus weidergelaf. Nom 2. Stack an der Kichen stoung elo den Rez de chaussée vum Programm. Chapeau fir déi schnell an gutt Aarbecht.

Flott Themenowender stinn och 2019 um Programm. Am Februar hunn mir eis iwwert een flotten Schwäizer Owend gefreet an am Mäerz wäert den Saugudden Owend bestëmmt erëm een Succès ginn.

Allez, esou vill vun menger Säit, hoffentlech gesäit een sech mol op dem engen oder aneren Themenowend oder bei soss enger Aktivitéit am Haus.

COLLECTE ALIMENTAIRE

Den CIPA Gréngewald huet och am November 2018 erem béi der «Collecte Alimentaire» matgemach.
Insgesamt koumen bei Sodexo 720 KG Liewensmëttel zesummen, déi konnten un bedürfteg Familljen mat Kanner verdeelt gin.

NEI MATARBECHTER AM CIPA GRÉNGEWALD
AUGUST – NOVEMBER 2018



Elena MACOVEI
Serveuse
19/12/2018

Gil FELTEN
Serveur
01/02/2019

Ute SCHILZ ép. LEINEN
Infirmière
01/02/2019

Lidia DA ROCHA ABREU
Aide socio-familiale
01/03/2019

Angelika WEBER ép THEISEN
Infirmière
01/03/2019

Marco DE JESUS FERREIRA
Aide socio-familiale
01/03/2019

Sabrina STEFANETTI ép QASEM
Responsable Service Social
01/04/2019

Mir wënschen eisen neien Mataarbechter
vill Freed an Erfolleg am CIPA Gréngewald.

Départ à la retraite vum Diane Weimischkirch den 31. Dezember 2018.

E PUER FLOTT ANDRÉCK VUN DEN RENOVATIOUNSAARBECHTEN AM GANG VUM B0-C0

100 JOËR MME WISCOURT

D'MADAME WISCOURT WAR FIR HIER 100 JOËR BÉI RTL OP DEN RADIO

GRÉNGEWALD
CENTRE INTÉGRÉ POUR PERSONNES ÂGÉES

FESTER AN THEMENOWENDER

AM CIPA

17/07/19	Grillowend
21/08/19	Schueberfouer Owend
14/09/19	Generatiounsfest
16/10/19	Marokkaneschen Owend
20/11/19	Lëtzebuerger Owend

E grousse MERCI un eis „Amicale Routscheed" fir hier Ennerstetzung.

AR
Amicale
Routscheed

D'Amicale seet Merci fir all DON.
BCEE LU15 0019 4155 5953 6000